ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. November 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Justizminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den Här Bausseminister Jean Asselborn huet elektronesche Courrier, deen un d'Regierung (Baussen- a Staatsministär) adresséiert war, op sengem private Facebook ëffentlech gemaach, mat Numm a Postadress vum Absender. Onofhängeg vum Inhalt vun deene Mailen, wierft dat Virgoen awer eng Rëtsch vu Froen op:

1. Gëtt et eng Prozedur, déi d'Vertraulechkeet vun E-Mailen, déi un e Regierungs-Server adresséiert sinn, ze garantéieren?
2. Gëtt et an der Prozedur Ënnerscheeder, op dee Mail op eng nominativ Adress vun engem Fonctionnaire oder vum Minister geschéckt gëtt oder op d'Sammeladress vum Ministär?
3. Gëtt et eng Prozedur, op Maile vun engem anere Ministär, déi eventuell weidergeleet gi sinn, deenen nämmlechte Regelen ënnerleie wéi déi, déi ee selwer kritt huet?
4. Wien däerf déi E-Maile liesen, wien däerf de Courrier intern weiderleeden, wien däerf dee Courrier kopéieren a wien decidéiert, op esou Mailen eventuell solle public gemaach ginn?
5. Sinn an deene Prozeduren, déi all Regierung misst hunn, och Sanktioune virgesinn, wann ee sech net sollt drun halen?
6. Ass den E-Mail e wichtegt Kommunikatiounsmëttel vun der Regierung, och am Kontakt mam Bierger?
7. Kommen iwwer E-Mail och wichteg oder vertraulech privat Informatiounen un d'Regierung, déi net sollten un d'Ëffentlechkeet kommen? Wa jo, no wéi enger Prozedur ginn dës Informatiounen klassifizéiert?
8. Fäert den Här Premierminister net, datt d'Vertrauen an dee modernen a kamoude Kommunikatiounswee net méi wäert benotzt ginn, wann d'Vetraulechkeet vun deem Kommunikatiounsmëttel net garantéiert ass?
9. An dësem konkrete Fall, huet de Bausseminister selbstänneg gehandelt oder hat hien den Accord vun der Regierung fir déi Mailen, déi un de Ministär geschéckt gi sinn, op sengem privaten, ëffentleche Facebook ze publizéieren?

10. Wär et net opportun d'Regierungsprozedure fir d'Vertraulechkeet vun E-Mailen esou séier wéi méiglech – an onofhängeg vun der Äntwert op dës Fro publik ze maachen?

Vun engem juristesche Standpunkt aus gekuckt, hätt ech dës zousätzlech Froen:

11. Sinn E-Mailen un d'Regierung (och op d'allgemeng E-Mail-Adress) perséinleche Schrëftverkéier an ënnerleien domat, onofhängeg vu Regierungsprozeduren, der Vertraulechkeet an de Regele vum Schutz vun der Privatsphär a vum Postgeheimnis?
12. Sollten esou Mailen als perséinlechen, private Schrëftverkéier ugesi ginn, wat fir rechtlech Méiglechkeeten huet de Ministär oder de Minister dann, fir sech géint esou Schrëftstécker ze wieren, wann den Inhalt eventuell ongesetzlech wär?
13. Am Fall, wou duerch d'Veröffentleche vun esou enger Mail Drëttpersounen oder och den Absender Schued erleiden, wat fir eng Méiglechkeet hunn déi Drëttpersoun oder och den Absender fir sech ze wieren an hire Schued ersat ze kréien?
14. Sollt net grad e Bausseminister mat Bléck op aner Länner verstoen, datt E-Mailen, déi un d'Regierung adresséiert sinn, net ouni Grond strenge Prozedure missten ënnerleien an datt e liichtfankegen Ëmgang mat esou enger Korrespondenz eventuell grave politesch Konsequenze kann hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten